


D'RECHTER AN D'BESOINEN VUN DE KRANKE KANNER A JUGENDLECHEN

1. All krankt Kand an all kranke Jugendlechen huet e Recht op Schoul, sief et an der Klinik oder doheem, och wann et am Ausland behandelt gëtt.
2. D'Zil vum Unterrecht fir dat krankt Kand oder dee kranke Jugendlechen ass d'Kontinuitéit vu Bildung an Erzéiung, souwéi d'Erhale vu senger Roll als Schüler.
3. D'Kliniksschoul fërdert d'Gemeinschaft vu Kanner a Jugendlechen a soll eng Art Normalitéit an hiert deeglecht Liewen erabréngen. D'Léieren an der Klinik kann als Klassen-, Gruppen- oder Einzelunterrecht um Krankbett ugebuede ginn.
4. D'Schoulhalen an der Klinik oder beim Kand doheem soll, an Zesummenaarbecht mat der Classe d'attache, de Bedürfnisser an de Kompetenze vum kranke Schüler entsprechen.
5. D'Emwelt an d'Léierhëllef mussen de Besoinen vum kranke Kand a Jugendlechen ugepasst sinn. Modern Kommunikatiounstechnologie solle genotzt ginn, fir esou Isolatioun ze vermeiden.
6. D'Schoulmatière orientéiert sech net nëmmen um offizielle Plan d'Etudes, mee geet och op Themen an, déi aus de speziellen Ëmstänn a Bedürfnisser vum kranke Kand senger Liewenssituatioun entstinn. Et solle vill verschidden Unterrechtmethoden a Quelle genotzt ginn.
7. D'Léierpersonal aus der Kliniksschoul muss qualifizéiert sinn a soll reegelméisseg Weiderbildung maachen.
8. D'Enseignante vu kranke Kanner a Jugendleche sinn als schoulesch Fachleit vollwärtig Memberen vun de multidisziplinären Equipes soignantes. Si maachen de Lien tëschent dem kranke Kand a senger Classe d'attache.
9. D'Eltere ginn informéiert, dass hiert krankt Kand oder hire kranke Jugendlechen e Recht op Schoul huet. Si ginn och iwwert den Inhalt vum Unterrecht informéiert. Si sinn als aktiv a verantwortlech Partner ze betruechten.
10. De Schüler gëtt als ganzheetlech Perséinlechkeet betruecht. Dozou gehéiert de Respekt vum Secret médical, de Respekt virun der Privatsphär a virun de reliésen Iwwerzeegungen.

**Dat ass d'Charte vun HOPE:
Ugeholl vun der Generalversammlung vun HOPE,
Barcelona – den 20. Mee 2000**

Ännerung bewëllegt op der Generalversammlung vun HOPE,
Wien – den 13. Mee 2016

(Luxembourg version of the Charter of HOPE)



www.hospitalteachers.eu